






Fir eist 30 järegt Bestoe vun eisem Flyfishing Club hate mir eis geduecht do misst een dach och eppes Besonnesches organiséiere fir deem Rechnung ze droen an ewell eise Club an der Zäit och e puer Mol an den Nationalpark Hohe Tauern gefuer war wou mir op de Strecke vum Hotel Bräurup gefëscht hunn, wollte mir och dëst Joer mol erëm dohinner fësche goen. Lassgoe sollt eis Aventure awer beim Gast Doheem wou mir ageluete waren, bei deier Geleeënheet muss ech dem Gast op dësem Wee nach eng Kéier villmools Merci soe fir dee flotte Geste, a bei engem wonnerbaren Iesse Pläng gemaakt hunn ewéi mir et wéilten ugoen. Mir hunn eis dunn individuell op d'Rees gemacht wou mir eis Sonndes de 6. September am Bräurup afonnt hunn. Den éischten Dag geet ëmmer fir d'Urees drop an ass u sech ee verluerenen Dag mee wann ee well an Éisträich fësche goen da muss een alt déi wäit Urees mat a kaf huelen.



Eisen éischte Fëscher Dag huet eis dunn op de Finkau Séi gefouert wou mir eis wollte mat deene schéinen Äschen, Séiforellen, Saiblingen moossen. Mir hatten eis des Destinatioun extra erausgesicht an der Meenung dass dat jo misst ee gudden Ufank ginn deen eis Fëscher direkt motivéiere sollt, hu mir dach an der Vergaangenheet genoe op dësem Séi esou munnech Stärestonn konnten erliewen an op dëser Plaz sinn och ëmmer déi déckste Fësch gefaange ginn. Lange Rede kurzer Sinn et war Schmelzwaasser an eis Fëscher hunn einfach kee Mëttel fonnt fir deene schwéiere Konditiounen ze trotzen och wa mir awer ee flotten Dag hei verbruecht hunn an eng Brettjause an der Mëttesstonn natierlech net huet dierfe feelen. De Finkau Séi hat leider net gehale wat mir eis hei erhofft hatten och wann ee puer schéi Fësch gefaange gi sinn.




Den zweeten Dag si mir op den Hintersee gefuer wat wuel dee schéinste Séi landschaftlech gesinn ass läit dësen dach an engem wonnerschéinen Dall. Op dëser Plaz konnte mir dunn och méi Fësch fänken

och wann Des vun de Gréissten hir net deem entsprach hu wat eis Fëscher sech erwaart hate mee den Hintersee ass awer bekannt dass een op dëser Plaz vill kléng Saiblingen fänke kann an och wann dës net grouss waren esou waren et awer wonnerschéi gefierfte Fësch an erläng déi wonnerbar Natur ronderëm dëse Séi sinn et schonn der wäert eemol do gefëscht ze hunn. Dernieft war op dëser Plaz och eng Hütte wou mir eingekehrt sinn an dat gehéiert bei eisem Fëscher Club jo awer onbedéngt dozou geet et eis dach haauptsächlech dorëms ee schéinen Dag ënnert Gläichgesénnten ze verbréngen.





Schlussendlech hate mir dann awer mam Elisabeth Séi ee Séi fonnt wou awer och alles gestemmt huet. Dëse Séi ass méi héich geleeën op der Felber Tauernstrasse an ass och ee gutt Stéck méi kleng ewéi den Hintersee. Hei konnten eis Fëscher elo net nëmme vill Fësch fänken Nee och d'Gréissten hu gestemmt an déi vill Baachforellen a Saiblingen waren dozou och nach wonnerschéi gefierft. Kee Wonner dass mir et do och zwee Deeg laang ausgehalen hunn och wa mir hu misse fir eis üblech Mëttespaus an enger vun de villen Hütten e bësse méi wäit fueren. Mee et huet sech och hei gewisen dass déi beschte Method een déif gefouerte Streamer war an nodeems och de leschte vun eise Fëscher dat agesinn hat hunn se Alleguerten hir Fësch gefaangen.





Dernieft hunn eis Fëscher awer och an de Baache gefëscht de Patrick an den Andy haten am Trattenbach gefëscht a Mëttwochs waren eis Fëscher och op d'Krimmler Ache gefuer dat ass déi Baach déi uewerhalb vun de Krimmler Waasserfäll läit. Fir dohinner ze komme muss een d'Baach am Viraus reservéieren ewell op deier Plaz net méi ewéi zing Fëscher zesummen dierfe fëschen. Des ginn da mat engem Taxi an den Dall gefouert wou se spéiderhin och erëm ofgehall ginn. Ewéi et un eise Fëscher war do waren d'Wiederkonditiounen ganz schlecht viraus gesot e sollt vill reenen an ze guer Donnerwiedere sollten et ginn, esou schlecht waren d'Konditiounen dunn awer net och wann et vill gereent huet. Och d'Krimmler Ache wor ugelaft wéinst dem ville Reen an esou war et och op deier Plaz ganz schwéier Fësch ze fänken. Och am Felber Bach huet de Patrick säi Gléck gesicht mee och do waren et ganz schwéier Konditiounen woubäi Hien awer nach vill Fësch fänke konnt.

